



Beaufort, de 24. Abrëll 2020

## **Léif Awunner aus der Gemeng Beaufort, Chers habitants de la commune de Beaufort,**

zanter dëser Woch sinn d'Ausganksbeschränkungen opgelockert an och d'Sammelstell fir de Gréngschnëtt ass zanter e Méindeg rëm op. D'Sammelstell fir de Gréngschnëtt fir d'Awunner aus der Gemeng Beaufort ass zu Eppelduerf bei "Eppelpress" op 12, route de Beaufort.

Sou wéi vun der Regierung ugekënnegt sinn och zu Beaufort sämtlech Manifestatiounen a Versammlungen bis den 31. Juli ofgesot. Dozou zielen ënner anerem de Blummemaart, déi éischt Editioun vum Europadag, d'Päischtwanderungen, d'Feierlechkeeten zum Nationalfeierdag, dat grousst Schouffest, d'Tipi-Fest, den HardBall (Motorradtreffen) an d'Bierli-Fest zu Déiljen. D'Holzstee mat Lietsch ass am fréien Hierscht geplangt. D'Beeforter Schwämm geet nët ewéi virgesinn de 16. Mee op. Si bleift bis op Weideres zou.

Hochzäiten a Pacsen sinn an der Tëschenzäit op der Gemeng méiglech. Allerdéngs nëmmen an engem klengen Kader a wéinst der Gréisst vum Sall mat engem Maximum vun 12 Leit. D'Begrieffnesser gi weiderhin am enkste Familljekrees gehalen.

---

Depuis cette semaine certaines des mesures de confinement ont été levées progressivement et le site des déchets verts à également ouvert ses portes. Le site des déchets verts pour les habitants de la commune de Beaufort se situe chez « Eppelpress » à 12, route de Beaufort à Eppeldorf.

Le gouvernement a décidé d'interdire les rassemblements jusqu'au 31 juillet. De cette raison toutes les manifestations à Beaufort sont annulées comme par exemple le marché aux fleurs, la première édition de la journée d'Europe, les marches internationales de la Pentecôte, les festivités dans le cadre de la fête nationale, la grande fête de l'école, la fête indienne, le « HardBall » (rassemblement des motards) et la fête « Bierli » à Dillingen. La vente aux enchères de bois de chauffage est reportée au début d'automne.

Les mariages et partenariats dans la maison communale sont désormais autorisés avec un maximum de 12 personnes qui y peuvent assister. Les enterrements auront lieu en toute intimité.

**!!! BLEIFT DOHEEM A GESOND !!!  
!!! RESTEZ A LA MAISON ET DE BONNE SANTÉ !!!**

**Le collège échevinal**

**Camille Hoffmann**

**Jean-Luc Nosbusch**

**Emile Wies**